



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6263 vum 30. Mee 2022 vum honorabelen Députéierten Sven Clement**

D'Police aktéiert während hire regelméissege Kontrollen am Kader vun der allgemenger Verkéierssécherheet sämtlech Verstéiss déi se feststellt an erfaasst se och gegebenenfalls an engem Procès-verbal. D'Aschätzen vun enger Donkelziffer ass ëmmer schwierereg.

Säit dem Akraafttrieden vun der Gesetzgebung betreffend den Artikel 125.08 vum Code de la route am Joer 2018 ass déi Iwwerriedung 33 mol an den Police-Statistiken erëmzefannen.

D'Net-anhalen vun 1,5 Meter ass eng Infractioun déi just während engem ganz kuerze Moment ze gesinn ass. D'Feststellung baséiert sech op en Aschätzen vun enger Distanz déi während engem ganz kuerzen Moment vun engem Beamten observéiert gëtt. Spezifesch Kontrollen duerchzeféieren, déi ausschliisslech op dës Infractioun axéiert wieren, wier net am Sënn vun enger effizienter Verkéiers Iwwerwaachung säitens der Police. Aktuell gëtt et zu Lëtzebuerg kee geeegenten techneschen an legal zougeloossenen Apparat an d'Legislatioun gesäit och kee vir.

De Sënn vun der Aféierung vun där betreffender Dispositioun am Joer 2018 an de Code de la Route war an éischter Linn preventiver Natur an d'Responsabiliséieren vun de Chauffeuren am motoriséierte Verkéier, mam Ziel d'Vëlofuere méi sécher ze gestalten.

D'Police huet rezent eng präventiv Campagne lancéiert fir Respekt vis-à-vis vun deem aneren an d'Verhalen vun allen Verkéiersteilnehmer am Sënn vun der Verkéierssécherheet nohalteg ze änneren.

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX